**Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7788 vum 17. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement an vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Am Kontext vun de rezenten Evolutiounen vun der Situatioun vum Bankegrupp Crédit Suisse stellen déi honorabel Deputéiert Froen am Zesummenhang mat Lëtzebuerg.

Wéi am ëffentlech zougängleche Register vun der CSSF-Websäit ersiichtbar, ass de Bankegrupp Crédit Suisse zu Lëtzebuerg mat verschidden Entitéiten vertrueden an ass a verschiddenen Finanzsparten vum lëtzebuerger Finanzsecteur aktiv. De Bankegrupp huet, ënnert anerem, zu Lëtzebuerg Lizenzen fir Bankenaktivitéiten an d'Gestioun vun Investmentfongen auszeüben, a setzt och Investmentfongen zu Lëtzebuerg op. Doriwwer eraus läit et net un der lëtzebuerger Regierung, sech mi prézis iwwert d'Geschäftsaktivitéiten vun engem Acteur aus dem Privatsecteur ze prononcéieren.

Déi genannten Aktivitéiten ënnerleien der Iwwerwaachung vun der Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF), a sinn gemäss nationalen an europäeschen Regelwierker reglementéiert.

Dës europäesch Regelwierker sinn iwwert dat läscht Joerzéngt, notamment als Reaktioun op d'Bankekris vun 2007/2008, weiderentwéckelt ginn, an d'Finanzakteuren an Europa an zu Lëtzebuerg si mëttlerweil vill besser opgestallt wat hir Kapital- an Liquiditéitsausstattung ugeet wi an der Vergaangenheet.

Mat der Reprise vum Crédit Suisse duerch d'UBS hunn d'schwäizer Autoritéiten eng stabil a schnell Léisung fonnt.

Lëtzebuerg, den 07. Abrëll 2023

D' Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes